# Camp : Ravi

**De Ravi um Camp ass wahrscheinlech dee Pillier mat dem gréissten Effekt , ergersäits direkt fir d'Ëmwelt, oder als Virbildfunktioun fir déi Jugendlech oder och d'Matchef.**

### Regional, Saisonal, Biologesch, Fairtrade, Artgerecht

Déi Wieder tauchen ëmmer op, wann et ëm Liewensmëttelkonsum geet. Wéieng an a wéienger Reiefolg een dës Punkten berücksichtege wëll a kann, muss jidderee fir sech decidéiren. Huel dës Thema och roueg als Sujet mat an d'Aktivitéiten mat bei deng Kanner a Jonker - mat Spiller oder duerch einfacht Gespréich. Et ass och intressant hir Meenung dozou ze héiren, an dës beim Ravi ze respektéiren an hinnen an är och d'Interesse un Neiem ze ereegen.

### Akafen an aneres

**Kaaf lokal an** :: Informéier dech wéieng Bauren a Betriber an der direkter Géigend produzéiren. Sécher kannst du am Firaus vum Camping ob si zougoen an esou maximal lokal u Liewensmëttel (z. B Ëer, Mëllech, Gromperen, Fleesch etc)

Denk bei der Wal vum Supermarché drun, datt ee beim Discounter sielen lokal lesswuere kritt.

**Verpackungen** :: Am einfachsten spuert ee Verpacksoffall andeems een a grousse Quantitéiten a Grossiste (wéi zB der Provencale), beim Produzent oder Betrib selwer oder an Unverpackt-Buttiker.

Déi eenzel Patrullen (oder Truppen op grousse Campen) kënnen hire Ravi wéi z.B. Botter och opgedeelt a klengen Tupperware-Däppchen kréien. Sou kënnen och dës Produiten am Grousse kaf ginn.

Denkt drunt all Verpackung richteg ze recycléiren. Méi heizou am Dokument zum Recycling um Camp.

**Akafstuten** :: Huel als Trupp genuch Akafstute mat op de Camp oder setzt se bei deng Kanner/Jonker mat op d'Apakslëscht.

**Sponsoring** :: Ëmfro dech mol op kee lokalen, nohaltege Liewensmëttelbetriber däi sponsore.

**Uebstbeem** :: A ville Gemenge gi Beem gekennzeechent, vun deenen ee gratis kann d'Uebst plécken, oder dëst gëtt an Facebook-Gruppen asw. matgedeelt.

### Gasfrigo

Iwerleet als Grupp ob d'Investéiren an e mobile Gas-Frigo, deen ouni Stroum fonktionnéiert, sech lount. Se kaschten ëm déi 400€, ginn awer vum SNJ/Ministère matfinanzéiert. Detailer heizou fënnst du op: https://chefbox.lgs.lu/desk/subsid-gruppematerial/

Sou kannst du och op der Campplaz ouni Stroum deng lesswuere a Reschter gutt halen.

### Spullen

Gespullt gëtt ëmmer an enger Biittchen an ni ënnert fleissendem Waaser. Spullbittecher ginn et och als liicht, zësummeklappbar Hike-Versioun fir mat op de Camp-Volant.

### Menuer/Platen

**Vegan/Vegetaresch** :: Et ass sënnvoll net all Dag a net all Molzegt um Camp Fleesch ze eessen. Engersäits huet dëst ee negativen Impakt op d'Ëmmwelt an zudem spuert et extrem vill Suen am Budget wann ee nëmmen amm zweeten Dag eppes mat Fleesch kacht. Ma och wann een ee ganze Camp vegetaresch géing kache muss ee sech nach keng Gedanken ëmm Vitaminmangel oder ähnleches maachen ;-)

De Message ass wichteg. Et ass ganz wichteg wéi mir dat vegetarescht Eessen net als solches ukënnegen. Wann mir ausdrécklech soen dass mer ee vegetareschen Dag maachen, dann ass dat scho bei ville Leit negativ behaft. Wann mir zB. awer einfach enker Spaghetti Arabiata oder Omlette um Menu hunn, dann stellt an der Regel keen d'Fro firwat do kee Fleesch drann ass. Et ass an dem Fall och ze empfehlen eppes ze kachen woufir ee kee "Fleeschersatz" brauch, zB. Chili wou een als Ersatz zum Fleesch Lënsen drann mecht - natierlech freet dann jidderee firwat do kee Gehacktes drann ass. Sou muss een och keen extra Menu kachen,

enker fir déi déi Fleesch eessen, an enker fir déi déi keent eessen.

Wann ee net weess wat ee vegetaresches soll Kachen, dann ass dat eng flott Geleegenheet fir mat de Leit / Kanner déi kee Fleesch eessen, zesummen de Menu zu Plangen. Dobäi kann de Chef an der Regel och nach vill léieren. Et kann ee sech och u frieme Kichen inspiréieren, an der Asiatescher Kichen gëtt et zB. ganz vill Rezepter ouni Fleesch.

**Reschter verschaffen** :: Plang no all puer Deeg e Reschter-Menu an. Hei entsti mat e bësse Fantasie dacks richteg gutt Platen. Ideal heifir ass zB Wraps oder Iwwerbackenes - do kann een alles drapaken ;)

Huel genuch Tuperware-Dëppecher mat op de Camp fir d'Reschter dran ze stockéiren.

**Vermeidung Einweg beim Kachen** :: Hei puer Beispiller wou een dacks net drun denkt, datt et och ouni Einweg-Materialien geet:

- Pakalu an der Gamelle
- Schoconann (Schockola an der Banann) direkt am Feier
- ...

**Foodsaver** :: foodsharing.lu

Wanns de Foodsaver gëss, retts de Liewensmëttel a spuers vill Suen.

Heifir muss de Member op foodsharing.lu ginn. All Infos op der Internetsäit.ei ass alles genau erklärt.

> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu

*Camp :: Ravi, Editioun vum 12. September 2021*